N°3203
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Nationalstrooss N5 (Route de Longwy), ass eng vill befuere Strooss, déi vu Käerjeng un queesch duerch d'Gemeng Péiteng verleeft, bis erop op den Dräilännereck zu Rodange. D'Lonkecher Strooss ass bekannt dofir, eng Transitstrooss fir de Verkéier ze sinn.

A virëge parlamentaresche Froen (7082 an 1981) wollt ech wëssen, wéi d'N5 kéint méi sécher fir de Verkéier gemaach ginn, grad mat Hibléck op eng Reduzéierung vum Tempolimitt op 30km/h. D'Ministesch hat hei geäntwert:

"*Et sief awer drop higewisen, dass d'Initiativ fir Moossnamen zu der Verkéiersberouegung innerhalb vun enger Uertschaft an d'Zoustännegkeet vun der territorial zoustänneger Gemeng falen, och wann et sech ëm eng Staatsstrooss handelt. […] Grondsätzlech fënnt ee reegelméissegen Austausch mat de Gemenge statt fir iwwert all méiglech Sujeten ze schwätzen déi d'Stroosseninfrastrukturen ubelaangt.*""

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Huet d'Gemeng Péiteng mëttlerweil eng Reunioun mam Mobilitéitsministère betreffend der Verkéiersberouegung op der N5 ugefrot?
   Falls jo, wéini war d'Reunioun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés